Bei Geleeënheet vum 38. Landjugenddag - deen de 17. Mee 2012 zu Rouspert organiséiert gouf – huet de Remy Harpes, President vun der Daachorganisatioun LLJ – JB&JW a.s.b.l., dem fréieren Nationalaumônier Leo Wagener am Numm vun der Lëtzebuerger Landjugend an de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer e grousse Merci ausgedréckt, fir seng langjäreg Tätegkeet am Interessi vun eise Verbänn.

# Merci Leo

Här Äerzbëschof,
Här Minister,
Här Buergermeeschter,
Léif Éiregäscht,
Léif Memberen a Frënn vun der Lëtzebuerger Landjugend,

Erlaabt äis, fir am Kader vun dësem Landjugenddag op e wichtege Punkt am Liewen vun der *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer* anzegoen. Ville Leit ass sécherlech bekannt, datt de Chanoine Leo Wagener zënter deem leschte Jongbaueren- a Jongwënzerdag vu senger laangjäreger Funktioun als Nationalaumônier vun eise Verbänn entflicht gouf. Ëmmerhin huet hien zënter 1991 am Déngscht vun der Jugend aus dem ländleche Milieu gestanen. Dat lescht Joer am Hierscht gouf hien du bekanntlech zum Bëschoflechen Delegéierten fir d'Pastoral ernannt an ass zënterhier op enger méi breeder Plattform fir d'Lëtzebuerger Kierch täteg.

Mir krute während der Preparatioun zu dëser Usprooch e Fax vum Leo - sengem „Ersatzpneu" - deem anere Leo, dem Abbé Kirsch. Dëse Fax betrëfft d'Gespréich tëscht dem deemolegen

Äerzbëschof vu Lëtzebuerg, dem Monseigneur Jean Hengen, an dem Här Abbé Léon Kirsch. Si ware sengerzäit um Wee fir an de Studio fir den Enregistrement vun der Jubiläumskassett zum 60. Anniversaire vun de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer*. Mir ginn hei kuerz gewuer, wéi et deemools zu der Ernennung vum Leo zum Nationalaumônier vun eise Verbänn koum.

De Monseigneur Hengen freet den Här Kirsch, wéi laang, datt hie schonn Nationalaumônier bei der *Lëtzebuerger Landjugend* an de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* ass. „Ma jo", äntwert den Här Kirsch, „déi Zäit ass esou séier eriwwer gaangen, datt ech emol net gemierkt hunn, datt et schonn iwwer 20 Joer sinn...". Doropshi bemierkt de Monseigneur Hengen: „Da maacht Dir Iech bestëmmt Suergen, wéi et weider geet!?", wou den Här Kirsch prompt drop äntwert: „Mam Bléck op d'Zukunft vun engem – a mengen Ae wichtege Mouvement – soll een am richtege Moment dofir suergen, datt e Successeur ernannt gëtt ...".

Dat ass verständlecherweis och dem Monseigneur Hengen seng Suerg. Mee, „Woher nehmen und nicht stehlen?". An den Abbé Léon Kirsch proposéiert: „Ech wéisst schonn een... an esouguer een, dee vun doheem aus net nëmmen e feint Gefill huet fir Päerd, … mee virun allem och fir déi jonk Leit op der Sich no engem erfëllte Liewen." 0ch fir den Här Äerzbëschof ass et sécher, datt deen „anere Leo" gemengt ass a bemierkt: "Ja, ja, Dir kënnt Iech denken, datt mer deen op ville Plaze brauche kënnten...". Mee, fir den Abbé Léon Kirsch war et deen ideale Kandidat. „An d'Jugend wier Iech dankbar", sou den Här Kirsch ofschléissend.

An den Här Äerzbëschof huet Wuert gehal. **An dofir si mir dankbar**! Jo dankbar, datt mir de Leo esou laang haten.

Leo,
Niewent der ganzheetlecher Begleedung vum Mënsch, déi fir Dech als Nationalaumônier vun eise Verbänn eng absolut Prioritéit duergestallt huet - hues Du vill wäertvoll Aarbecht am Interessi vun deene Jonken hei zu Lëtzebuerg an dem Bauerestand an Afrika geleescht. Du hues iwwer laang Jore quasi de Poste vum „Permanent" am Centre Convict assuréiert – mat Sekretärsaarbecht, der Verwaltung vun de Keessen, als Zeitungsredakter, als Administrateur délégué fir d'Entwécklungszesummenaarbecht,… Doniewent hues du de Poste vum President vun der ONG mat grousser Kompetenz gedroen.

Ech kann Dir versécheren, datt niewent deene Jonken, och eis Leit an der Zentral am Centre Convict net frou iwwer deen ugekënnegte Wiessel waren. Och si hues Du mat vill Taktgefill a Mënschlechkeet begleet. Si hu vill geléiert a sinn dankbar fir déi Zäit, déi si mat Dir schaffe konnten.

Den Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich huet elo dem Abbé Romain Richer d'Funktioun vum Nationalaumônier iwwerdroen.

Här Äerzbëschof,
Mir soen Iech e ganz grousse Merci, datt Dir – trotz dem bekannte Personalmangel - d'Wichtegkeet vun der Besetzung vun dësem Poste mat äis deelt. D'Nationalaumônieren hunn eis Verbänn - zënter dem Pater Spoden - eng Séil ginn an hunn se geprägt. Si hunn eng zentral Figur duergestallt, déi de Garant fir Kontinuitéit vun eise Verbänn war. Mir sinn iwwerzeecht, datt och de Romain säi Wee innerhalb vun eise Jugendorganisatioune geet a vill Freed a Satisfaktioun an senger Aarbecht mat deene Jonke fënnt.

Leo,
Mir loossen Dech mat schwéierem Häerz goen. Iwwer 20 Joer laang hunn eng ganz Rei Jonker an Ancienen op Dech konnten zielen. Mir denke mat grousser Dankbarkeet un déi wäertvoll Zäit mat Dir zréck, wou mir op Deng Ënnerstëtzung, Hëllef a gutt Rotschléi zréckgräife konnten.

Am Numm vun de regionale Gruppe vun der LLJ – JB&JW, vun alle Membere vun der *Lëtzebuerger Landjugend*, de *Jongbaueren a Jongwënzer*, der ONG *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Cooperation a.s.b.l.* an der Equipe aus der Zentral am Centre Convict spriechen ech Dir eis grouss Unerkennung aus a wënschen Dir och an Denger neier Funktioun als Bëschoflechen Delegéierte fir d'Pastoral ganz vill Freed a Satisfaktioun.

Huel deemno dëse Cadeau un, deen eise bescheidene Merci un Dech ass. En ass vun engem kreative Kapp geplangt ginn a vu fläissegen Hänn während laange Stonne realiséiert ginn. E soll Dech ëmmer nees un déi laang Zäit mat äis erënneren.